**POMPJEESVERBAND FLASH** Resumé 2020

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Mir hunn vill Stëmmen héieren déi ons gesot hunn, dass d 'Kommunikatioun vum Pompjeesverband nach ausbaufäeg ass. Obwuel den Exekutive Rot an d' Kolleegen a Kolleeginnen vum Zentralvirstand sech reegelméisseg gesinn, kommen d' Informatioune net oder nëmmen schwéierfälleg no baussen bei de Leit un. An deem Sënn hu mir decidéiert fir no all Sëtzung vum Zentralvirstand en Informatiounsflash un d' Presidenten vun den Amicallen ze schécken.

An dësem éischten Bulletin informéiere mir iech iwwert d' Themen déi 2020 um Dësch diskutéiert gi sinn an d' Revendicatiounen déi mir un de CGDIS an un den Inneministère gestallt hunn.

---

Op d'Fuerderung vum Pompjeesverband hin ass de Règlement grand-ducal betreffend de Remboursement vun den Aussurance Primmen adaptéiert ginn.

**Januarsëtzung (16.01.2020)**

- **Ausschreiwungen** – den Alain Grohmann gëllt als eenzegen Kandidat fir de Posten vum Delegéierten vum Zentrum als gewielt.
- **Ausschreiwungen** – fir den oppenen Posten vum Keeserevisor huet sech keen gemellt.
- **Austausch mam Comité directeur vum CGDIS** – Themen déi ugeschwat goufen woren: Revendicatioune vun de fräiwëllegen Instrukteren, Veteranen vun de Beruffspompjeeën, Viraussetzungen fir un engem Concours Deel ze huelen, de "pompier de support", wéi et mat de Medailen weider geet, wéi et mat de fréiere Wierkscorpsen weider geet, d' Zesummenaarbecht tëscht CIS an Amicale an d' Verschwannen vun Jugendsektiounen uechtert d' Land.

**Mäerzsëtzung (19.03.2020) (iwwer Zoom)**

- **Jugend** – Ofsoen vun allen Evenementer wéinst dem Lockdown
- **Pompjeesverband** – Ofsoen vun de Schwammmeeschterschaften an verréckelen vun der Generalversammlung
- **Gespréich mat der Inneministesch** – Op d' Fuerderunge vum Pompjeesverband betreffend eng Assurance Trajet fir seng Memberen, de Montant vum Stierfschutz an d 'Iwwerschaffen vun de Krittäre vum Service



bureau@fnsp.lu
28 55 641
www.fnsp.lu
http://www.facebook.com/fnsp.lu/
7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg

Médical gouf et keng zefriddestellend Äntwerten an et ass op e spéideren Datum vertréischt ginn.

- **Règlement grand-ducal** – Den Zentralviirstand gëtt e positiven Avis zu 2 Reglementer déi virgeluecht goufen.
- **Ausschreiwungen** – fir déi oppen Posten vun der Regioun GIS huet sech keen gemellt. De Verband organiséiert eng Versammlung fir déi betraffe Leit.

**Abréllsëtzung (23.04.2020) (iwwer Zoom)**

- **Règlement interne et opérationnel** – Delegéierten sollen d' Reglementer op de Leescht huelen

**Meesëtzung (13.05.2020) (iwwer Zoom)**

- **Jugendausbildung** – D' Ausschaffen vun der neier Ausbildung fir Jugendpompjeeën a Jugendleeder an Zesummenaarbecht mam INFS ass ofgeschloss an et solle Versammlungen fir déi betraffe Leit organiséiert ginn.

**Junisëtzung (11.06.2020) (iwwer Zoom)**

- **Règlement opérationnel** – Bei der Analyse vum Reglement sinn 2 Problemer betreffend d' Sécherheet am Verkéier opgefall. Den Zentralvirstand schéckt e Bréif un de President vum CA vum CGDIS.
- **Pompier de support** – Den Zentralvirstand huet den Text zum "Pompier de support" analyséiert. Hei bestinn fir eis etlech Problemer. D' Direktioun gëtt informéiert.
- **Stockage historesch Pompelen** – d 'Lager zu Leideleng muss geraumt ginn, de Sekretariat huet en Opruff iwwert Facebook gemaach fir e neit Lager ze fannen.

**Julisëtzung (16.07.2020)**

- **Aussprooch mam Generaldirekter** – De Paul Schroeder wor Gaascht am Zentralvirstand. De Pompjeesverband huet him Problemer beim STP matgedeelt, iwwert de Statut vum "pompier de support" diskutéiert, Verbesserungen vun de Rechter vun de fräiwëllege Pompjeeën proposéiert an d' Problematik beschwat déi d' Nominatiounen déi auslafen mat sech bréngen.



bureau@fnsp.lu | 28 55 641 | www.fnsp.lu | http://www.facebook.com/fnsp.lu/ | 7, rue Chr. Plantin L-2339 Lëtzebuerg

- **Stockage historesch Pompelen** – d' Lager ze Leideleng gëtt den 27. Juli geraumt an et gëtt alles op Maarnech an déi fréier Gebailechkeeten vum RTL bruecht.

**Septembersëtzung (24.09.2020)**

- **Stockage historesch Pompelen** – Den Inneministère huet mam Finanzministère en Accord fonnt fir d' Gebailechkeeten zu Maarnech. De Verband ënnerschreift deemnächst eng Konventioun.
- **Generalversammlung** – Den Zentralvirstand diskutéiert op a wéi eng Generalversammlung zu Veianen kann ofgehale ginn. Et gëtt sech dovir entscheed en Datum unzesetzen.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 28 55 641 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg